N°4111
Entrée le 02.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4111 vum 19. Mee 2026 vun den éierewäerten Deputéierten Här Luc Emering an Här André Bauler iwwert "Attaques du loup au Luxembourg"**

**1. Wuelwëssend, datt Lëtzebuerg zesumme mat sengen europäesche Partner 2025 de Schutzstatus vum Wollef adaptéiert huet, wéi eng Méiglechkeete ginn et, fir an dësem Kontext ze reagéieren?**

De Wollef ass 2025 am Kader vun der *Convention relative à la conservation de la vie sauvage et du milieu naturel de l'Europe* (Bern-Convention) aus der Annexe II („streng geschützt") an d'Annexe III („geschützt") gesat ginn an doropshin am Kader vun der *Directive 92/43/CEE concernant la conservation des habitats naturels ainsi que de la faune et de la flore sauvages* (EU) (Habitat-Directive) aus der Annexe IV („streng geschützt") an d'Annexe V („geschützt") gesat ginn. D'Aart ass also weiderhin EU-wäit geschützt. D'Memberstaate kënnen awer individuell och weiderhin de Wollef op nationalem Niveau streng schützen.

Op der Annexe V vun der Habitat-Directive stinn Aarten drop, fir déi kënnen Derogatiounen ausgestallt gi fir Déiere ggfs. aus der Natur erauszehuelen (z. B. ze schéissen oder ewechzefänken), awer eréischt, wann déi Aart ee *statut de conservation favorable* an engem Land huet, an d'Derogatioun dem *statut de conservation favorable* net schued. De Wollef ass zu Lëtzebuerg net an engem *statut de conservation favorable*.

Lëtzebuerg ass awer am Kontext Wollef gutt preparéiert. 2017 gouf mat alle relevanten Acteuren den *Aktions- und Managementplan für den Umgang mit Wölfen in Luxemburg* (AMW) ausgeschafft dee fir genau esou Situatioune preparéiert. Aacht vun uechtzéng Auteure vun deem Plang waren aus dem Secteur vun der Landwirtschaft. Am Plang sinn Entschiedegunge virgesinn am Fall vun Iwwergrëff (fir den Detail cf. Fro 4.), an awer och Subsiden fir Preventiounsmoossnamen. Dës Mesurë goufen 2023 an engem Reglement formaliséiert (*Règlement grand-ducal du 30 août 2023 concernant l'indemnisation des dégâts matériels commis parcertaines espèces animales protégées et les subventions pour les mesures préventives y relatives*).

**2. Ass dem Här Minister bekannt, ob et sech an deene verschiddene Fäll ëm de selwechte Wollef handelt?**

Et gouf kee Wollef nogewisen.

**3. Falls jo, kann een hei vun engem „Problem Wollef" ausgoen?**

Et gouf kee Wollef nogewisen.

**4. Si fir esou Fäll Entschiedegunge fir d'Bauere virgesinn?**

Jo, wann ee Wollef oder méi Wëllef via d'genetesch Analysen als Verursaacher identifizéiert sinn, gëtt de Bauer laut dem AMW an dem genannte Reglement vun 2023 zu 100% entschiedegt. D'Valeur vum Schued gëtt vum *Service de la production animale* vun der ASTA berechent an duerno vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit ausbezuelt.

Wann d'genetesch Analysen näischt erginn, de Wollef awer och net kann ausgeschloss ginn, gëtt de Bauer zu 75% entschiedegt.

Zousätzlech zum Verloscht vum gerassenen Déier ginn och indirekt Käschten ofgedeckt déi nach ugefall sinn wéi z. B. Veterinärskäschten.

D'Preventiounsmoossnamen ginn zu 75% ofgedeckt.

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit